# Milli Twist

## P E R S O E N E N !

Milli
Mamm
Madame Tono
Joffer Tricot
Jofer Astma
Joffer Chaperelle
Fony
Groüsi
Titti Tango
Profi
Konny
Mody
Baby
Léé'herin
Hostesse
Zeitungsfrâ
Kârtepötzesch
1. Poliz
2. Poliz
1. Perso'n
2. Perso'n
3. Perso'n
1. Damm
2. Damm
3. Damm
1 Jofer
1. Médchen
2. Médchen
Kanner

---

I A K T

Bühn

Perron op der Gare zu Iks

Ier de Vorhang opgêt Gedeisch vun engem Zug dén an Gare eralêft. Am Fong vun der Bühn durch d'ganz Brêt èng Voiture-längs Seit.(Micheline)belicht E Schöld hengt drun: D A M E N - C O U P E. De Coupé ass voll vu Groüss-a Kleng dé' sech zur Mötteldir mat Kofferen-Rucksäck-Gepäck asw. op de Perron erausquötschen mat vill Gespre'ch. Duertöschent rifft en Eisebun-nert: Fir Dirbech alles eräus-alles eräus.
D'Leit gin lènks eräus dûrch Spêrdir, d'Déwt vun der Bühn-der Brêt no an zwê gedelt. Lenks un der Wand hängt en Telephon. Rechts un der Wand e Stänner mat Bicher an Zeitungen. Lénks beim Telephon stét d'Katrepötzesch An der Mött zum Sall stêt eng Bänk. Eng Joffer bleiwt am Coupé sötzen. (Astm.)

I Scène: Milli a Mamma Tuist

1 Perün (zum Kârtp.) Ere Chemin de Fer könnt roüheg nach éng Voiture béi setzen. Et ass ê jo gedréckt wé' Hirken an der Tonn.

2Pers. An dobei kascht d'Résen éngem de pelzmantel vum Leiv!

Kârtp. Mir mussen spueren Madame et sin net dé' bescht Zeiten

3Pers. Spueren-Ahsoü-an duerfir musse mir gepéngecht gin!
(Iwerdéms d'Leit rechts aüs gin-dreckt d'Milli Tuist an d:Mamma Tuist sech mat Koffer a Blummen durch d'Leit op d'Bühn bis bei d'Bänk-d'Milli setzt de Koffer op d'Bänk-hällt éng ageweckelt Schmîr an éng Posch bei sech-d'Mamma Tuist huet d'Blummen-Sie ass och wé' d'Milli bein coiffé'ert.)

Mam. Nu so awer kèngem dass du esoü vill Geld bei der hues.

Mi. O dach, ech hâlen all Mönsch et önnert D'Nues.

Ma. Siew net e soü frech mat dénger Mamm. Hues de Geld nach?

Mi. Gewöss Madame Tuist!

Ma. An de Billet?

Mi. Jooo! Ech sin dach kê Baby me'h!

Ma. A wât sols du der Groüsi soen?

Mi. (Hievt d'Schölleren hé'ch) mecht e Knicks virum Koffer wé virun der Groüsi) Le'w Groüsi! Da fin ech hir villéicht éng Béss. Le'w Groüsi! Hei sin (fillt un der Posch) 2000 Frang -500 Frang dovun sin meng an de Rescht ass fir dech. E schene Bonjour vun dénger Duechter an du solls net bé'ss sin dass si dé leschte Moünt néischt gescheckt huet-et war och "Schmuelhânskichekueder" bei eis-jo d'Leherin konnt hir Permanante mol net bezuelen- an D'Harekêchen och net, well de Bréfdré

Ma. Du wêrs dach net!

Mi. Jo an duerfir bréngen ech et och des Ké'er selwer. Soü! An da gin ech hîr villéicht nach eng Béss.

Ma. An dé' 500 Frang-wât geschitt mat dénen?

Mi. Duerfir kâfen ech mir e Billet fir eröm zréck bei meng Mammichen wat iwereg bleiwt brauch ech wa mir spazé'eren gin fir Iessen an Drénken, an t'ass jo och net schlecht wann ên e peur Sû an der Täsch huet- Dât mecht Impressioün!-(gröift un d'Posch) Garçon!

d'additioün! Wat geliwt? Jojo-mi hêen Poulet -Sauermoüss an Schlâgsâhn!
Ma. Wölls du wuel roüheg sin! oh Mamm o Mamm wat güt dat Milli
Mi. Hues du och döi Bahnsteig?
Ma. Jo mein Kand, mach der kéng Suergen fir mech.
Mi. O dach. Schaff net ze vill an iess och genug, hé'ers du-vergiess och net dass d'Nôpesch könnt fir de Kapp ze wäschen.
Ma. Jo-punkt 2 Auer an öm halwer fönnef d'Joffer Jeanpoint fir e Coup de Peigne. Si Gêt den Owend op de Metzleschbâl.
Mi. Hues du da wirklech genug Suen fir dech vu mengen 500 Frang
Ma. Wölls du wuel roüheg sin. Ech hun nach Geld an de Mötten verdeng gen ech der jo nach
Poliz. Heielei fuehr der op Pareis?
Ma. Nên eist Milli gêt fir eng Woch and'Stâdt bei es Familgen. Fir d'é'scht wollt et net. Mê wat soll et an der Vakanz hei mâchen Et kennt Stâdt nach net richtig. Leider kann ech net matfuehren (D'Joffer am Zug lèit an der Fönster a Läuschtert no) Nujé et ass jo verstänneg genug a meng Mamm ass op der Gare mat senger Cousine. Si treffen sech beim Kiosk!
Pol. Ahsoü- D'Stâdt ass schè'n. A wé' gêt d'Geschäft madame Tuist?
Ma. Dir wösst jo...
Mi. ~~d~~ De puff...
Ma. Wölls de.. et muss ên zefridden sin.
Pol. Dajé awar a gud Rês Milli (E mecht him e Fanger)
Mi. E Gléck dass e fort ass, ech duecht schon e ging mech verhaften.
ma; Verhaften?
Mi Verhaften!
Ma. Wisoü dann?
Mi. Ziels du kengem et? Nên? Gut da läuschter. T'lescht hâte mir Autostop gemâch-nömmem am Spass hâte mir eis als Touristen ugedôn-t'sin der Hâle bliwen- och de Polizist- a mir fort- en hât eis bestömmt erkannt. Ech duecht e ging soen "Milli Tuist -Hände hoch- du bass verhaft"!
Ma. Mèi Gott an wann ên iech matgeholl hätt!
Mi. Jé-jé mat eise Gesichter! Hues du da net gesin wé' de Polizist mech bekuckt huet?
Ma. Abildung. Komm d'Spêr get opgemâch (Et kommen no an no nach Leit eran- gin virun der Madame Tuist am Milli dûrch d'Spêr a klammen an den Zug)

2 Scène.

d'Mamm an d'Milli gin no)
Ma. Hei Milli- nên- et ass e Fummeur.
Mi. (klömmt an-stellt Koffer bei dé' lenks Fönster-könnt eremeraüs iver déms höllt éng moklech Frächen:d'Madame Tono plâtz am Coupé duerno eng ganz schlanck-groüss-blond Joffer, dé' net gut geséit an éngem Stéck héckelt) Soü Mami lo wir ech önner Dâg!
Ma. Fro eng vun dénen Dammen fir déi Koffer an d'Netz ze hiéwen.
Mi Ech si stârk genug- dt machen ech elèng.
Ma. Hues de och nèischt vergiess?- Göw nömmen gutuécht(Weisst op d'Posch)
Mi. (mecht d'Posch op- kuckt-höllt de Billet- weistt en -) Jo ech passen op!
Ma. Fir eis sin 2000 Frang soüvill wé' fir rèich Leit èng hallew Millioün. Mach s'du se net verlé'ers!
Mi. Hu mer nèischt fir festzemâchen (Wullt an den Täschen) A méngem Wértessegezei hun ech eng Versicherungsspéngel a nach Wichteg Sâchen. Am Sonndessen-natîrlech nèischt-
Ma. Hei- ech hun öng- komm mol hier-
Mi. Du mussd'Spengel dûrch d'Schèiner an d'Enveloppe stéchen an dann eréscht durch Fudderduch.

Ma. Soü gescheit sin ech schon von selwen-Fêrdeg-lo kann nèischt méh gesché'en.

Mi. (klömmt an de Zug a knimelt um Koffer-d'Mamm récht em d'Blumen durch Fenster)

Kârtp. (et Schellt-höllt den Telephon vun der Wand) Hallo- Ja-Verspe' dong-2o Minuten-eng hallef Stonn-(hängt an a rift) den Zug fîrt 2o Minuten spé'der(d'Leit kucken aus de Fönsteren eräus-sin opgerégt-d'Madame Tono klömmt eräus mat önger groüsser moderner Posch)

MTo. Nên-Verspé'dung an ech hun Botter agepâckt-et ass schon esoü wârm dobannen-o wârt-ech kré'en och en Auto-ech pèifen op éren Zug!

Tric. (kuckt zur'Fönster eräus) 2oMinuten-dât ass fèin, da kré'en ech och bis op Letzeburg méng Kolrettchen férdeg gehéckelt (zurM; Tuist) ech hun missen frösch ufänken-am Bréw stung d'Könni hätt esoü vill zoügeholl mat dem Ovomaltine vun déer Aptikt an der Stâdt-et ass esoü en ârtleche Kadettchen-esoü mokelech(klömmt eräus op de Perron)

MTo. Wât hêscht hei mokelech-mèi Botter schmöltz mer wé' d'Schné'flack an der Sonn-Verspé'dung-an dobei méi Billet boer bezuelt! Mir hu kèng Coupoen-mir si gut fir dénen Eisebunnerten d'Résen an den Unigros ze bezuehlen- dem Stâdt den Defizit ze bezuehlen- a nach Verspé'dung- kéng Uerdnung-an domat si mirâner getr/scht(dréhnt öm hir Posch)

Mi (klömmt hurteg eraus) Oh Mama-ech hun méi Parfum vergiess-dén neisten Doft! ech lâfen e sichen-dé mecht Impressioün (fort)

Ma. Bréng den Olbass mat fir déi Kapwé'h-fleiss dech eröm! (tröpelt nervös hin an hir)

MTo. Wât hêscht héi Olbass-mat hirer gèckecher Musek Tatati an Tititu hun se kèng Nerven mé'h-zu mènger Zeit dé' Sché'n Walzen(mecht mat Hirer Posch d'Bewegung hir an hir) Kättchen-Kättchen-oh méi Botter-

Ma. Et muss ên sech der neier Welt upassen Madame-e Frigidär

MTo. Fir e Pond Botter och nach e Frigidär marzeschlêfen-nên-dât wir gut wa mei gudde Männchen nach ging liewen-Méi gudde Mann(kukt anèngems an d'Posch) ass ganz geschmolt!

Tric. Ech wöll kên-ech sin zefridden esoü

MTo. (fir sech) Dir gesiit och grad esoü äus

Tric. Méi Pappa huet /ng sché'n Pensioün-e wâr Steierinspekter (si sté'sst ongewollt Madame Tono iwrem héklen)

MTo. Dann hât ère Papp besser Aen wé' dir

Tric. Pardon-ech gesin leider.....

MTo. Leider hun ech dât gefillt!

## 3 Scène

D'Leherin könnt opgerégt rechts zur Dir eran-et hé'ert ên hannert de Coulissen Kannergedabbels-si kommen eragestîrmt a föllen d'Bühn.

Le'h. E Gléck dass den Zug nach hei ass-

MTo. En Ongléck!

Le'h. Mat de Kanner gé'w dât èng richtig Katastroph!

MTo. Et ass schon èng.

Le'H. Stellt iech fîr-e Bauer huet de Kanner trotz méngem sch^arfen Protest e ganze Bâm Quetschen erâfgerösselt an du krîen d'Kanner Oh ech wès den médezinescgen Ausdrock elo net- soos wire mir mat Zèit heigewiescht.

MTo. Dé gudde Bauer.

Ma. (könnt vu rechts lânscht den Zug) Woü sollt Milli nömmen bleiwen elo ass et schons èng Vé'erelstonn fort.

Ast. (könnt aus dem Coupé bei M;TUist vir op d'Bühn) Entschöllegt Madame-dir sit opgeregt-kann ech iech hellefen?

MTo. Mir kann kên hellefen-Verspé'dung-sché'n Pensioünen-Quetschengedêssems a Medezinesch Ausdrêck a.s.w. ech muss e bössen tröpelen (gêt rechts fort)

Ast. T'war net fîr iech gemengt!

MTo. (An der Dîr) Och dât nach!

Ma. Méng Duechter huet kèng Gedanken, Parfum muss et hun a Wât nach Dobei huet et 2000 Frang an der Posch hei fîr ménger Mamm an der Stâdt ze gin-dir wösst- ieler Leit- mê t'ass meng Mamm-wir d'Mil Li gut zu Letzebureg-dir wässtjo-t'sin schlecht Leit an och âner op der Weltan .....

Ast. Beroühegt iech Madame-ech Fuehren bis op Pé'teng an da gin ech ø alt uécht op èr Duechter-an op Suen

Ma. Oh t'ass sché'n vun iech-merci-villmolømerci

Mi. (könnt sé'er op Bühn eran-e bössen ânscht gekämmt-e Buch an der Hand an ênt önnert dem Arm-et kukt der Ast. no dé' an den Zug er röm klömmt) Kuck Mammi-ech hun mech schnell e bössen ânescht coiffé'ert-dât mecht Impressioün!an der Stâdt-an d'Leit söllen och gesin dassen mir am Esleck grad esoü wéit sin ewé si, d'Welt ass haut esoüweit-och mir Médercher sin évolué'ert-si selbständeg gin-nên-an de Spötzen vun de Regierungen weisen mir eise Verstand-um Gerîcht-an iwerall do woü Mönschen sech begé'enen-eis Mammen hun sech Rechter erkämpft dé' zumol am Stôt hinnen Liewen erlîchteren-d'Männer mussen méh eräussgin dûrch d'Autorité't vun eiser Mammen-dé' virun honnerte vu Johren net mé'glech wâr auszefé'eren-haut si mir Méderchер instrué'ert-ver trueden an de Verwaltungen-jo an dât sollen dé âner sech mérken-mir droen haut esouguer d'Polizeiuniform-net bloüs dohém an der Familgen mê och dobaussen-fir eis Secherhêt an zuzudderlescht och fir dé' vun eise Bridder a Pappen-Jo! esoüguer an der Geheimpolizei hu mir unerkannt dé' feinste Schnoffelnieschen.....

Ma. Ma Milli...

Mi. "Hei hun ech nach e Buch... méi Buch matbruèscht-du wês-et ass méin Hobby Gesichter ze studé'erenø- An déer göt et vill an der Stâdt-So Mammi (mé'h lues) dé' Joffer do mat dénen scharfen Aen-

Ma. Ech hätt lé'wer du géngs an dénger Posch stu'é'eren dass du net dat dommst Gesicht hues bei der Grousi-a Grâd dé' Joffer get ø uécht op dech an deng Posch.(Milli get der Mamm èng Bés a klömt an de Coupé-stellt sech an d'Fönster)

Ma. A lôss nèischt leien Milli

Mi. Nên!

Ma. A sötz dech net op d'Blumen!

mi. Nên Mamma!

Ma. Lies net ze vill am Buch!

Mi. Jo Madame Tuist!

Ma. An zu âner Leit siew net esoü frech é mat dénger Mamm-gehei de Pabeier vun de Schmieren net an de Coupé

mi. Schrecklech

Ma. A verlé'ert Geld net! A schéck dech

Mi. Nên! Jo!

Ma. A schreiw direkt èng Postkârt-si lèit Uewen drop am Koffer

Mi. Jo Mammichen. So dat Framönsch do mat dénen schârfen Aen-

Kârtp. Glèich fîrt den Zug alles op Hîr Plätzen.(Lé'H. könnt hurteg aus dem Coupé eräus-kêft nach èng Zeitung a sét zur m. Tuist) Ech mus en èng Mickimaus gin soss behâhlen ech se net roüheg-dir wösst Jo wé' Kanner sin (eröm an De Coupé)

Tric. (könnt vu rechts lânscht den Zug-get vun der Kârtep. mat aller Gewalt durch dîr vum Coupé gedréckt, dén struppvoll ass) Elo kré'en ech d'Kolrettchen fêrdeeg- oh e soll esoü moklech sin

Kârtp. (wollt peifen do könnt d!Madame Tono ugeréckt)

MTo. Halt-halt. Esoü èng Frechhêt. Oüni mech ze fuehren, fîrwât git dîr bezuehlt

Kâtp. Madame - ech biéden iech - léw Frâ ech .......

MTo. Ech sin Madame Tono - a kèng Fra' a net lé'w an....

Kârtp. Madame Tono

MTo. Madame Dabo - ech hu mèng Plâtz bezuehlt an ech fuehre matech zé'hen d'Noütbrems oh ech ârme Witfra- ging méi méi gudde Mann nach liewen da ké'nt dén heibleiwen so muss ech -oh mei Botter!

Kârtp. En Abléck-ech gin kucken - viléicht mecht et sech am Furgon - am Gepäckwôn..

Mto. Wâaat 99----- Fur- Furgon - Gepäckwôn- Véh'wôn og et get mir schlecht!

Ma. (sét dem Milli awar- Wöscht sech d'Aen - könnt bei Madame Tono hei - richt e bössen drun - et muss höllefen - e stârken Parfum "Vallée de la Chiers"

Mto. Mir hölleft neischt mé'h - och kê wallechen Hêr! an ènger Stonn muss ecg dô sin - èng Ierwschaft mâchen ech .... Oh

Kârtp. Fir an Stâdt brauch den Zug elo bâl drei Stonnen durch iech-

MTo. (könnt eröm zu sech) Fir Wuer?

Kârtp. Fir an Stâdt ze fueren!

Mto. An Stâdt.....

Kârtp. Ma dir fuert dach....

Mto. Op Olwen oh (Fällt der Madame Tuist an d'Aerm)
(D'Leit an D'Kanner dé' nogekuckt hun)
Op Olwen... op Olwen

Kârtp. (Pèift-de Vorhang zoü) Gedèisch vun èngem Zug dé fort Fîrt)

---

I I A K T
D'Bühn

E cOupé dén zum Sall op ass. An der Mött ass e Gank, lenks a rechts Bänkchen. Beim Opzug vum Rideau hé'ert én den Zug ryhtmus, vir sötz Milli Tuist, zur rechter Seit. D'Joffer Astma,op der lenker Sèit, hannendrun beim Milli sötz d'joffer Tricot, vis à vis d'Madame Chaperelle Modistin, si huet de Schnapp, né'tzt an da ruscht hir den Hitchen ömer no vir op Stir. Am Coupé am Fong hun d'Kanner mat der Lé'herin sech verdêlt mat âner Leit, d'Kanner liesen an de Mickimausbîcher a verzielen ênt dem âner.

1 Scène

D'Milli Tuist-J. Ast.- Tricot - Chaperelle

Milli (kuckt op seng Posch a fillt op d'geld nach dran ass)
Chap. Joffer, hut der eppes verluer?
Mi. Nên, Joffer Chaperelle -mat mengem Esprit de Concentration- ech sin zimlech evolué'ert- (èng train-hostesse passé'ert) Hostesse- Knetschgum wann ech geliwt- E Steck Chokela an eppes fir ze flutschen.
Host. Soüt Joffer, dât wir fir 2o Frang- merci- an èng gud Rés!
Chap. Eise Chemin deFer mecht iewer och alles fir d'Leit eröm an den Zug ze kré'en
Host (tröpelt der Tricot op d'Zé'wen)
Tri Ech fannen Net
Host Oh pardon-mille fois pardon
Ast (liest Zeitung a kukt hei an do driwer op d'Posch)
Chap (né'tzt, verlé'ert den Hut, d'Milli hiewt en op a sét)
MI Besser den Hut ewé' de Kapp verlé'eren, mê den Hut do ass wonnerbar!
Chap. Joffer ech sin Modistin, an ech bräuch Käpp, vill Käpp fir ze liewen, ech sin mat desem Modell schon durcht d'ganz Land gerullt- dir hut en fir d'ésch bewonnert, dir hut én Artistenbléck
Mi E stêt êrem Profil awer och prima-pico bello-ech hun e besonnesche flär fir d'Gesîcht-fir d'Coifure fir d'Hittercher an d'Hitt
Ast Ett ass scho bâl e Faibel vun der Joffer
Mi E Faibel-mais Non-et ass eng Wössenschaft d'Gesîchter ze studé'eren esoüguer d'Schminken ka mir neischt verstoppen-zum Beispiel drèi Grondformen vum Gesîcht bestömmen de mönschleche Karckter ~~Z~~ 1) dé' vé'ereckeg 2) de dreièckeg 3) dé oval
Tri a 4) dé' lang Gesîchter
Ast déer gesèit ên oft am Liewen
Chap D'Joffer Milli huet recht-ech als Modistin hun èng sensibilité't doranner. Ech brauch nemmen d'Gesîchter ze bekucken-a glèich gesin ech och schon dé' passend Hittercher.
Tri Dât sin da wirklech och dé' böllechst
Chap O wé' gehässeg!
Kârtp. Billéen wann ech geliwt
Mi. (mecht d'Posch op-weist de Billet-Ast Lûst iwer Zeitung eröm an d'Posch- Chap. fönnt en net direkt)
Kârtp. Bis vuer fuehrt der dann
Chap Ma bis op Pé'teng(zum Milli) do verkâfen ech mei Modell ganz bestömt.
Trì Mach dass en iech awer net fortflitt
Chap (sicht nachömmer nom Billet)
Kârtp. Ech kommen nach eröm, dann hut dir e secher fonnt (zur Ast) dir hât dach é Billet fir Olwen- dir sir dach mat dem Zug hei erop gefuer?
Ast Gewöös, zu Clerf hun ech eröm é geholl fir Pé'teng.(get Nervös)
Mi Die hut e bestömmt verluer, wi der gené'tzt hut (Zur Chap)

| | |
|---|---|
| Chap | Kann ê wuel ziehlen-ech né'tzen dach net mat der Posch! |
| Tri | Sôt Joffer-fir op êr Wössenschaft zerckzekommen-ech interessé'ren mech och elo derfir-wât fir e Gesîcht hun ech dann, mat verläf ze rieden? |
| Chap | Dir misst eigentlech e klèngen Hittchen... |
| Mi | Glèich soll dir et hé'eren an iech kennelé'eren! (bekukt si) |
| Chap | Könnt der net a mengem Gesicht gesin woü mèi Billet schwömmt? |
| Mi | Dât ass schwe'er elo mat êrem Schnapp! (Zur Tricot) Also êre Profil-am groüsse Ganzen ass dreièckeg- an dreidimensionaler Form mat ènger bestömmter nuance zum Oval-encadré'ertvun ènger sportlech-dynamisch-nervöser-ondulé'ert Coiffure. |
| Tri | Oh oh -sportlech-ech elo-ech liesen kê Sport mais dât ânert ka stömmen-nervös, könnt vum Hékelen an dynamesch-mèi Gott mat mengem Temparament |
| Chap | Do misst én den Hut uspenge len |
| Mi | (fillt un der Posch) Jo uspengelen (lét Posch zum Sall) |
| Ast | Hievt sech, reckt sech e bössen no vîr) Dîr ké'nt nawell Geld verdèngen mat êre Wössenschaft (spöttesch) |
| Mi | Ech kré'en extra Stonnen vun der Joffer an da mécht meng Mamma si och extra sché'n- si sét emol esoü |
| Tri | Joffer Milli |
| mi | Jo an d'Gesîcht göt eröm an drei Déler zerluegt: 1) Stîr 2) vun denAen bisund Spötzt vun der Nues an 3) vun der Nues bis un de Könn! |
| Tri | Sôt wé wèit ass et nach bis Letzeburg (Zur Chap) |
| Chap | Hut der Angscht Joffer Tricot |
| Tri | Elo sit dir gehässig-ech ka mei Gesîcht îwerall weisen mais dîr mat êrem Schnapp... |
| Mi | An de drei Déler gin ênzel eröm an drei Déler agedêlt |
| Lé'h. | (könnt erfir-an Tricot-Chap.-Ast.-kucken sech all am Spigel) Interessant nozeläuschteren-e Sprachwuert sét |
| Mi. | Et kann ên esoü âl gîn wé (Chap. né'tzt) et lé'ert ên-je a wat êr Stîr betröfft-kann ech nömmen soen dass si e betoünten intellektuellen Relief huet, |
| Lé'h | Fein! |
| Mi | Et ass fir d'Joffer Tricot gemèngt-jo an d'Aen kleng-e bösse schwâch durch d'Hêkelen-duerfir de Bröölˊd'Nues-eng Klassesch Linien-e bestännesche Karakter-de Mond huet d'Wénkelen positiv no uewen gezun-Joffer Tricot dir huet kèng materiell Suergen. |
| Tri | Alles richtig-mèi Papp huet èng Sché'n Pensioün |
| Chap | Da ké'nt der /êren Hitchen roüheg änner lôssen-zum Beispiel |
| Mi | An dann zum Schluss de Könn-dén eigentlich e klèngen Mindervert tegskomplex veré'd well d'Spötzt vun der Nues net a glèicher Linien verléft-ech mèngem mem Könn |
| Chap | Da ging ech eng klèng Pelzekâp mat engem Pelzeschwänzschen dém sech dûss öm de rechts Séit an de Könn schmêchelt, als eng glécklech Lé'sung vîrschloen........ |
| Mi | Dât ännert neischt um Karakter.. |
| Tri | Awer umengem Portmonni! |
| Lé'h | (Ass eröm lauschtere komm) A wén huet iech dât alles geléhet? |
| Mi | Eng Joffer, Joffer-fîr Permanante mé' bölleg ze kré'en.(fillt Posch) |
| Lé'h | Woü ass êr Mamm dann? |
| mi. | Dohém. |
| Lé'h | Ere Papp? |
| Mi | Dohém - Um Kirfecht. |
| Léh. | Doûdegriwer? |
| Mi. | Nên - doüd. |
| Chap | Oh méng Kré'enân-ech muss mèi Schung ausdin en dréckt mech-oh |
| Tri | Villèicht ass de Billet dragerötscht |

Chap (békt sech-den Hut fällt op de Buedem-all bécken sech bis op d'Ast. dé'h hurteg vis a vis um Milli senger Posch fillt) Hei ass jo mèi Billet-hei st¢cht en am Hut-e Kré'enâ kann och emol Frêd machen-esoü ass et am Liewen-aus Lêd get Frêd...

Mi. Dir hut èng Rutsch elo an der Strömp..

Tri Vum gudde Kré'enâ

Kârtp. Hut dir e fonnt?-Mersch-Aussteigen(Leherin verlé'sstmat d n Kanner den Zug)

Tri. (Gêt no a sét zum Milli) no fe Wieder iwert mei Gesîcht grönnen ech ewer vléicht e Stôdt an da gin ech Mitglied vun der Action familiale- gud Rés alleguerten(Fort;Chap tompt wann denZug fiert

Ast (gâbst) Oh Mamm wé' gött ên esoü mid.

Mi Ech nit (greift no der Posch)

Ast T'kann ê nie wössen-op êmol ass ê fort, mat dem stännigen Getécks vum Zug göt ên schlé'frech. Ech mèngen ech schlôfen ê bössen.(lét sech zereck a fänkt lues un ze roncken)

2 Scène

<u>~~Mill~~i-Ast-Chaperelle-Am Coupé</u>

Mi Soll se wirklech schlôfen-ech spîren och Midegkét-nên wann ê sech pötzt-bleiwt ê wakrech-jo ech pötzen mech(sötz sech kukt nach èng Ké'er zur Ast a fänkt och unze schlôfen)

Ast (kuckt Héml ch op t'Milli∅si höllt d'zeitung a fâlt se mat e bösse gereisch-MIlli ré'ert sech net-d'Getécks vum Zug göt méh stârk-Ast héwt sech hémlech-doréert Chaprell sech-Ast erschreckt wârt ê Moment-hiewt sech eröm-höllt lues dem Milli seng Posch-stibitzt d'Suen-mecht d'Poscheröm zoü nodém se gefâlten Zeitungspapeier am Plâtz vum Geld geluecht hut- sötzt sech eröm op Platz-stêt eröm op a verlést op Zéwespötzen de Coupé no rechts.

Chap (rifft lues) Joffer Tuist(geseit das Ast fortgung)sicht verschlôfenno hirem Schung a fét lues) Joffer Tuist(méh hart) Sôt wât fir ê Gesîcht hun ech(chap né'tzt-Milli erwecht erschreckt an d'hé Lucht)

Mi Oh Mamm Oh Mamm wât sin ech erschreckt(Kuckt a greift no der Posch-fillt,a geseit dass Joffer Ast net mé'h do ass)

Chap (sötzt sech vis à vis vum Milli andêt hir Schung eröm un) Endlech wîre mer eleng-elo hun ech och de Mut iech ze froen wât fir ènd Impressioün respektiv wât fir en Ausdruck ech op Grond vu mèngem Gesîschtsausdrock op d'Mönschen machen-dé ech Op Grond vu mengen artistischen Beruf als diplomé'ert Modistin an der Stâdt zu Letzeburg-an en engem distingé'erten Milieu muss contacté'eren-fir am richtechen Moment-ech mèngen esoü em den eschten-oüni ze blessé'eren-d'contrevaleur fir geliwert Hit ze Kassé'eren (si né'tzt eröm)

Mi (D'Milli fillt beim Wurt kassé'eren eröm un seng Posch)Ja kukt Joffer Chaperelle-dât ass èng Fro dé' nömmen psychologisch ze lé'sen ass-dir présenté'ert dénen Dammen bei dèr nächster Gelégenhet de' neist Modeller-da gin se iech wé'negstens de âl eröm-wann dir se op de Caffi invité'ert!Caffi oh ech gin hongreg a Wât Geld ubelangt-macht et einfach wé' meng Mamm-schreiwt an Directioün-an da kommen de sché'nsten Autoen bei èr Dîr hâlen-d'halschecht kritt derömmer bezuelt-an dann hut der jo nach e sché'ne Bénéfice! - Iwregens êrt Gesîcht ass ganz normal-gud-middeg Stîr könnt e bössen mé'h héch sin-an den Hut mé'h klèng..

Kârtp. Glèich si mer zu Letzeburg-d'Gepäck net vergiessen-uécht gin op de Billet

Mi (fillt un der Posch-mécht s'op-kuckt-wullt-sötzt sech-kukt op de Buedem-rifft)Oh Mamm oh Mamm(kukt önnert Bänk)Mèi Geld mèi Geld ass fort(léft an de Fong-kukt zur Fönster eraus)Do-do hi klömmt d'Framönsch eràus dât huet mèi villt Geld geholl!

Kârtp. (könnt an de Coupé geläf)Wât ass geschitt?

Mi Oh dât Gesîcht-mèi Geld ass fort! Do do lo grad durcht d'Spêr

Chap Méng Posch - Mei Schung - oh

Kârtp. (fillt a senger Täsch)mèi Portefeuille-dé' Kanaljen et get mer

Mi+ Chap schlecht-schlecht wât en Ongléck(fâlen zereck op d'Bänkchen, mam Kârtp. iwerdems könnt e Médchen durch de Coupé, et rifft) Versicht êrt Gleck-êrt Gléck-e Billet vun der Nationallotterie! êrt Gléck. (den Zug hällt stall)

Rideau.

---

III AKT

Bühn: Am Fong-durch t'ganz Längt e Salon de Consommation irgenwoü op der Gare zu Letzeburg.Virun der grouüsser Fönster én Dösch mat drei Still. Am Salon geseit én Leit sötzen durch D'Ridoen. Lènks ass eng Dîr aus lâng Stoften oder Pabcierstreifen, dé' bis op de Buedem réchen. Lénks a rechts vun der Bühn ass am Hannergrond Zoügang zum Salon. Lénks Seit an der Halschecht e Fönsterausschnett matt Zeitungen(wé op de Garen) Et gesèit én hei an do d'Verkäfesch de Leiden d'Zeitungen a Bicher verkâfen.

1. Scène: D'Groüsi an d'Fony Ditchen

Fony könnt vun rechts mat engem Velo op d'Bühn gerannt-duerno eng Grousi löschteg-wibblech-mat engem Bre'w an der Hand -si setzen sech un den Dösch virun de Salon)

Fo Sollt d'Milli eis och fannen, Groüsi. Hâl de Bre'w an d'Lucht, da geséit et e vu weitem.

Gr Wé' spét ass et eigentlech Fony?

Fo Ech wés et net, Groüsi-ech hun -elo dem Titi Tango mèng Gelé'hnt seng ass beim Auermecher-mer waren agerannt an du hu mir eist Täschegeld zesummengeluegt fir d'Auer ze bezuehlen-mer verzichten dann op d'Mickimaus des Ké'er-e klèngen Affer muss ê brengen-mir hâlen trei zesummen-jo Groüsi-mir wöllen lé'eren selbstännег sin Groüsi ech verlângeren richteg nom Milli-et muss scho grouüss sinmir hun eis scho lang net mé'h gesin.

Gr Elo glèich muss den Zug erâlaâfen

Fo (t'wöscht u sèngem Râd-Lacht a sét)Et wärt mei Velo ganz sché'n fannen an wann et hé'ert dass ech en an der Kannerlotterie gewonnen fir 5 Frang de Billet-da fällt et ein fach öm.

Gr D'Milli wärt sech hidden wé'ntengem Velo ömzefâlen an nach wé'nt esoü engem klèngen

Fo Oüh! e klèrge Velo! Wanns de wölls därfst du dech op d'Stâng setzen-ech ging dech bis hém fé'eren!

Gr Tôpechkét-hâl d Mond

Fo Virwât?Soü schwé'er wé' de Pitti Pé'l bass du nach lâng net-an de setzt sech ömmer op Stâng wann ech fueren.

Gr Asoü-wann dât nach èng Ké'er virkönnt dann huelen ech der de Velo af-an ech spêren en an de Keller an!

Fo Et soll én erwuessenen Leit neischt erzielen!

Gr Wé' spét ass et eigentlech elo?

Fo Den Zug misst schon do sin?

Gr Da musse mer oppassen!

Fo Huet d'Milli och én Hitchen op?

Gr Villèicht ass dat nach Moüd am E'sleeck-nun hâl stöll! (Et kommen en etlech Leit vu lénks a gin no rechts eröm fort)

Fo Do ass et - net - Do ass et - Net.Do ass et - och net. Do ass et eröm net.Do ass (Groüsi getdem Fony eng an D'Akaul)

Gr Wann ech dach nömme wé'sst woü d'Milli bleiwt-wé' spét ass et?

Fo (frét beim Zeitungskiosk)Joffer-wivill Auer ass et W.e.g.? Merci-et/ ass 18 Auer an 23 Minuten

Gr Da misst den Zug schon era sin.

Fo (frét èng Person dé' lanscht gêt) Entschöllegt-ass den Zug aus dem E'sleck nach net ukomm?

Pers Vu woü aus dem ?'sleck?
Fo Vu Clerf
Pers Vu Clerf- dén ass ewell lâng eran!
Fo T'ass awer glungen. Mir wârden nâhmlech op méng Cousine Milli Tuist
Pers Frêt mech - Frêt mech
Fo Wisoü frêt dât iech? (d'Leit passé'eren a lâchen)
Pers Wells du esoü e gelungent Médchen bass-Awâr!
Fo Groüsi, den Zug ass scho lâng eragelaâf.
Gr Wât soll nömme geschitt sin. Sèng Mamm hätt dach secher awer èng Depésch geschéckt wann et net fortgefuer wier. Soll et verké'ert äusgeklomm sin-ech hat him awer alles esoü gut beschriwen!
Fo Ech gin net gescheit doranner-Secher ass et falsch eräusgeklomm! D'Médercher sin etlech Môlesoü domm, Groüsi, duwärs gesin dass ech recht hun.
Gr Fiirchterlech-wât machen mer nömmen-mir mussen nach e puer Minuten warden.
fo Villèicht stét et bei èngem ânere Kiosk ze wârden. Ech fuere sé'er kuken(rechts-fort-könnt gleich eröm) Nên-och net-wât sollt ech nach soen-Ah richteg-dén nächsten Zug könnt hei um 8 Auer 33 un. Dat ass kurz no halwer neng. Da gi mer elo sché'n hém a punkt 8 Auer kommen mir eröm. Damusse mir och mam Iesser wârden. Wât en tôpecht Kand, dât Milli.
Gr D'Sach gefällt mer net - D'Sach gefällt mer net.
Fo Wann et um halwer neng och net könnt kritt et én honsgemènge Bre'w vu mir.
Gr Fony huel âner Wieder an de Mond.
Fo Krit hat e Bre'w dé vu Sté'h -elo net vu Stré'h ass. Soü kann én och soen-Awer rég dech net op Groüsi-d'Milli könnt schon.
Gr Wé' spét ass et?
Fo 18 Auer 30.
Gr Ech kann mer net höllefen. D'Sach gefällt mer net -gefällt mer net
Fo Komm Groüsi-öm halwer neng musse mer eröm hei sin.(kukt nach èng Ké'er lénks op d'Gare)D'Sach gefällt mer net-D'Sach gefällt mer och net!
Gr Komm mir gin Hêm.(allen 2 no rechts fort)

## 2 Scène

Äst (Könnt op d'Bühn-kukt hinnen èng Weilchen no-dréhnt sech no lénks nom Zeitungskiosk-käft èng Zeitung a verschwönnt am Salon de Consommation an de Fong. Si huet en donkle Bröll op)
Mi (Könnt mat Koffer a Blummen, dé zertescht sin, sé'er vu lénks, ~~g~~ sét zur Zeitungsfrâ) Pardon-ech sin d'Milli Tuist-Tuist! Hut dir kê Framönsch gesin mat ènger schwarzer Posch-èng togue à la Turquie-eng niddreg Stîr-schwârz Aperhoer-scharf Aen-Katzegroespatz Nues....
Z.frâ Eng schwârz Posch-dât hun ech verstân..
Mi Schârf Löpsen-violett gefierwt
Z.frâ Nên-ech muss elo de Butéck zoü machen-entschöllegt
Mi (sötzt sech midd op de Stull bei de koffer)Elo hun ech d'Spuer verluer-(fänkt un ze tompen-stèipt de Kapp an d'Hand)-(et gin eröm e puer Leit op an af-Joffer Äst könnt huerteg eräus-lanscht Milli rechts fort)
Ti Titti Tango könnt vu rechts-geseit Milli tompen-t'huet èng Autostût um Rêck verstoppt-trött hannert Milli an tût
Mi (Erschrèckt a sprèngt op)
Ti (lâcht) Nu fâl net glèich vum Stull, mei Kand
Mi Dât war dach én Auto dén elo getût huet!
Ti Dâtwar kén Auto!
Mi Ech hun et hé'eren-Wén huet dann getût?
Ti Ma ech natîrlech-Du bass bestömmt net aus der Stâdt!Ech sin dach D'Titi mat der Tût! (weist sèng Tût)

Mi (Kukt no rechts no der Ast) Ech sin vu Clerf eraf a kommen elo grâd vun der Gare.
Ti Ahsoü-vun do-duerfir bass de so kommesch ugedoen!
Mi Huel déng Wîrder zreck!Soss puchen ech der èng dass de de Buedem verléers.
Ti Nu mâch awer lues-du bass huerteg beleidegt!Wann et der esoü op geluegt ass-(stèipt d'Hänn an d'Sèit-de r. mat der Tût an d'Lut
Mi (kukt eröm no rechts an no lenks no der Ast) Lôsse mer Dât sin bis spéder-ech hun elo kèng Zeit fir esou Dommhéten!
Ti Firwât kuks du dann esoü dorömmer?
Mi Ech verfollegen en Dé'w!
Ti En Dé'w?-Wem huet en dann eppes geholl?-Dîr?
Mi (e bössche stolz) -Mîr-jomîr-op der Eisebunn-Chemin de Fer-Wanns de dat besser verstés-Ech war entschlôf!2000Fr-fir méng Gr.. Groüsi hèi an der Stâdt.Dat Framönsch ass secher an en ânere Coupé sech verstoppen gang-an ech natîrlech no!an hei op der Gar Gare - Husch.
Ti An du-an du
Mi Ass d'Framönsch hurteg an en Tram gesprongen-ech hannendrun an Anhänger.Oüni Geld. E frieme Mann-et sin nach gud Männer op der Welt-huet fir mech bezuelt!D'Framönsch klömmt eräus-ech Hannend drun..
Ti An du (réckt virwetzeg mé'h nô mam Stull)
Mi Ware mer eröm hei am Quartier de la Gare-hei kuckt-do hannen oh-do sötzt si?
Ti Woü?
Mi Do op der Terrasse-mat dem kômeschen Hitchen!
Ti Si schéngt navell gudder Laun ze sin-ass dât nach dran! so lauschter- wé'H Hêschtst du eigentlech?
Mi Milli! Milli Tuist-Tuist mat èngem T wé'h Müller
Ti Groüssarteg-lo verstin mer eis-mais sô, wât wölls du dann elo machen?
mi Keng Ahnung-ömmer hannendrun-ech hun dât bei de Guiden gelé'ert èng Spuer ze verfollegen
Ti Herrlech -grâd ewé am Kino.-Ma Milli-wé' wölls du dât dann ufänken?Du kanns dach net soen-Joffer wann ech geliwt-git mer mei Geld eröm.-Wât mengs de wât dé der äntwert-gewöss mei Kand-hei hues d'et-ech woll et nie mé'h machen.-Allé-Allé-so déer Polizistin et do-dât zitt!
Mi Nên-ech hât Autostop zu Clerf gemach-villeicht gin ech dann agestach!
Ti Ech verstin-
Mi A méng Groüsi wârt beim Zeitungskiosk op mech!
Ti Dé gét hém wann et hir ze lang dauert-mais dé Sach mam Dé'w fannen ech groüssarteg! An Milli wanns de neischt dergent hues höllefen ech dir-
Mi Dât wir sché'n-Merci villmol
Ti Ech hêschen Titi Tango(gin sech d'Hand) Nun awer lass-wa mir hei sin gét Joffer èis dardûrch(dénkt no)Geld hues de alsoként
Mi Net ê Su mé'h!
Ti Lâuschter-ech bräuch nömmen durch de Quartierze lâfen anze tûten-a Glèich sin all mèng Fröndinnen do!
Mi Fleis dech awer-soss läft Joffer Kleptomanie eis fort-ech muss hir no an da fannt dir mech bet mé'h eröm
Ti Richteg Milli (Kukt rechts) Iwregens -kuck wé' se sech servé' ere lé'sst.
Mi Mam Geld fîr méng Groüssi
Ti Gedold-ech sin glèich eröm-(Lèft lénks eräus,t'hé'ert én et hannert der Bühn tûten-dann ömmer mé'h noØ-d'Titi könnt mat ènger Band vu Médercher op Bühn lénks) Halt a roühe(Zum Milli) Wât sés de nun?

| | |
|---|---|
| Mi | Ech sin paff! |
| Ti | (zu déne Médercher) Also-dir Herrschaften-hei ass d'Milli Tuist Mat èngem T wé' Müller vu Clerf! De rescht wösst der jo-dohanne sötzt dat Döpen-wât dem Milli Geld gcholl huet-wa mir dât net er erwöschen-hun ech fir t'lescht getût! |
| Profi | Mais de kré'e mir dach! |
| Ti | (zum Milli)Dât ass eis Professorin!-an de Baby |
| Mi | (get d'Hand) |
| Ti | Hei ass t'Konny!do ass d'Mody-stop-elo göllt et-Geld hîr! (si léen all zesummen) |
| Profi | Dat bescht ass mir délen d'Geld an de drei Gruppen-fir de Fall woü mir eis trennen mussen! |
| All | ganz gud! |
| Profi | Jidfer Grupp kritt zwanzeg Frang a nu Lass. |
| Mi | Merci villmols -dir kritt alles eröm-wann ech Suenhun-dé Koffer an dé Blummen hönnere mech nach. |
| Konny | Hér dermat-ech droen s'an de Buffet bei eng Fröndin-ann da ø bemusteren ech an èngems dé' é'erlech Persé'nchen(no rechtsfortt |
| Mody | Ech gin mat! |
| Baby | An ech och! |
| Pro | (zum Titi)Halt du bleiws bei-dât fällt op an d'Joffer gêt eis du durch Latten |
| Ti | Ech sin dach net Tôpech-mir passen op. |
| Prof | Sötz si da scho lang do? |
| Mi | Villèicht zing Muniten! |
| Prof | Si macht grad ewé' wann si di beschten Zeit hätt. |
| Mi | A wann se wé'sst wât hei geschitt! |
| Prof | Si ge'w bestömmt e Flieger huelen fir fort!(Dé' âner kommen eröm) |
| Ti | Wât e gesîcht huet se-onhêmlech-Milli-dèng Sâchen si gut opge-huewen-(fort) |
| Ko | Mir können alles sichen goen, soübâl mir d'Geld hun. |
| Mi | Lo wär et gut fir é klenge Krichsrôt ze hâlen |
| Prof | Fein-du Baby hues den Telefon dohém-an dèng Elteren sin dese Moment net do-du bass eis Telefonzentral-hut der hé'eren alle-guer-woü dir och sit-git all Meldung un d'Baby weider-dakrit ø der Beschéd, wa der iech sollt behuelen. |
| Baby | Ech sin elo awer net dohém, ech gi mat..... |
| Prof | Dach Baby, du bass doh/m so bâl mir hei fêrdeg sin(kukt no rechts an no lenks)-(lues) d'Leit kucken schon heihin-läfs du ho hém an net me'h vum Telefon ewech! |
| Baby | Ech wir awer guêr derbei-wa mir den De'w fäncken! |
| Prof | Hém gés du-bei den Telefon-bis du eng âner Uerder kriss-du hues é ganz wichtige Posten-verstân? |
| Baby | Gut, wann et net ânescht gêt- |
| Mi | An ech bleiwen hei-villèicht kritt se Idé eröm mam Zug fort-zegoen-Do am Salon de Consommation ass och én Telefon-ech soen iech da Beschéd. |
| Mody | A wann ech hir dann d'Geld ging hémlech huele goen-et wär ze probé'eren! |
| Prof | Dât mach mir net-da wärs mir grad esoü De'wen wé' si. |
| Konny | Jo, jo-wann ech èngem Geld huelen wât gestuel ass sin ech dach kén Dé'w! |
| Prof | Dach, dach da bass du én Dé'w |
| Baby | dem Profi sei Papp ass Richter! (fort rechts) |
| Mody | Anø dann? |
| Mi | de Profi huet recht-wann ech èngem epp s stibitzen-och wann et seint net ass-sin ech én Dé'w! |
| Mody | Ech verstin dât net-wât mir gehé'ert ass mèint, égal a wât fir ènger Täsch et leit. |

Profi Dât mèngs du mat déngem Laienverstand-d'Gerîcht an de Verstand verdroen sech we' d'Kâtz an den Hond, sét mèi Papp.Dât verstin net emol erwuessen Leit.Et ass awer esoü.

Mody Gut, vu mir äus.

Profi Könnt dir gut schleichen-soss dré'hnt si sech öm-an dann ass et erîwer

Konny Schleichen kann ech wonnerbar-esoüguer billen wé' én Hond!

Mi Schlèich emol hei dûrch d'Stâdt-öuni dass én dech gesèit-wanns du guêren hàss dass all Mönsch dech soll gesin-da bräuchs du nömmen ze schlèichen

Ti (könnt mat ènger Botterschmier) Hei Milli -iess!

Mi Oh merci

Mody mir missten én Revolver hun!

Profi Nên

Konny Dât Framönsch huet secher én!

Mi Mir téchlen net...

Ti A mir schéssen net-wén Angscht huet soll schlôfe goen!

Ko+Mo Ass dât fir mech gemèngt?

Profi Roüeg-wât sin dât fir Zustänn hei-

Ti Dir behuelt iech wé d'Kanner

Ko+Mo Mir sin déer jo och! (lâchen all)

Mi Eigentlech misst ech menger Groüssi é Bré'w schreiwen-soss lêft sè op d'Polizei-d'ârm Fra wês net woü ech sin-kann ê mir e Bré'w besuergen-ech wier dankbar-

Ti Ech gin ê sichen-an dir âner git uecht.

Profi Nach ênt-mir mussen eng Paroll hun-fir eis am Donkelen z'erkennen!

Mi Ech wéss ênt - Mullebutz!

All Wât ass dât?

Mi Dât get bei eis am e'sleck-mêschtens kann én dât iessen!

All Mullebutz-mullebutz- dât verhâle mer!

Profi An elo gêt lass-dir wösst-mei Papp ass Rîchter -ech muss em halwer zing spé'destens dohém sin-ech hun et haut versprach a mèi Verspriéchen hâlen ech-bis dohin musse mir dem Milli sèi Geld eröm hun... a nu lass! (ier se wölle goen könnt d.madame Tono mat der groüsser Posch vu rechts op d'Bühn)

## 3.Scène.

MTo Kanner-Kanner-ech fueren nie mé'h mam Auto-oh an èngem Stéck vun Olwen-méng arme Kné'en -oh-ech sutz dran we' an èngem Schâf zesummegekuetscht-gestuckelt no vir na hannen-dé Gestank vum Benzin-echmache jo eng Ierwschaft-de Notär huet mer scho Geld firgestreckt fir mam Taxi erôf ze fuehren-deier Kanner-deiernên-ech fueren eröm mam Zug hêm-et ass gut dass dé Joffer dohannen mer gewiesselt huet-soü lé'w ass dat Mönsch-soü lé'w a si huet mer och opgeschrîwen-wé'ni dass den Zug op Olwen fîrt -t'sin nach lé'w Leit op der Welt-oh méng kné'en-dén Auto é richtige Schâf (sözt sech op de Stull-kukt an hir groüss Posch-wullt nach-sprèngt op)mèi Portemonnie-mèi Portmonnie

Dé âner: Dat Framönsch-huetse, an drop lass (lâfen rechts of-Mto hippt hannendrun) a lass a lass !

R I D E A U

_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_-_

I V A K T

Bühn: An der Gar.: Salle d'Attente pour Dames

Salle d'Attente-robderöm Bänken-am Fong an der Mött èng Dîr-Zur lénker Seit èng Dîr mat èngem Schöld, zum Sal gedréhnt:Police!-An der Mött en ronnen Dösch mat 3-4 Still-am Eck rechts e Spigel,Klêdrstänner-derbei èng hannert derCoulisse gerîchten Telefonskabine!

---

Beim Opzug vum Vorhang sötzen ronderöm Dammen-a Jofferen a 2-3 Médercher verdêlt -str/cken-Hécklen-lésen Zeitungen a Bicher asw.

---

Micro    Nach fönnef Minuten Fir Richtung Olwen-Arel-Esch-Thionville-Longwy-Pé'tsng.-Nach 12 Minuten fir Parèis-Bré'ssel-Amsterdam.

1D.    (hévt sech-gêt zur Dîr aus-lé'sst lenks é Päckelchen leien)

1 J.    (lêft no-iwerdémsl.D. eröm gelaaf Könnt)

1.D.    Oh merci bien-dir sit lé'w Joffer-et gin nach gefälleg Mönschen op der Welt-kukt an dém Päckelchen hun ech mat him- melbloer-vergöter Watt a rosa roüdem Seidepobeier e Schlösselchen agepâkt dén ech extra mam Mongramm vu ménger Duechter, bei Gele'enhét vun hirer Verlobungsfeier-wât wölltech soen, jo ech hun sèi Num vir an de versölwerte Gröff vum Schlösselchen agravé'ere gelôss èng Surprise-mam gléckleehen Datum-ech schènken hir dén neieste Modell vun èngem Sabre-en Auto son ech iech-en Salon-dir könnt ~~ø~~ stoen: Fous den Twist drab danzen-mèi Mann sôt mat esouvill Pêrd dén décksten Bauer kré'ch se net an de Stall- e richtegen Salon de lux- duergé'nt sin nach all âner Autoen genug wé' Schâf fir ~~ø~~ dran ze setzen-a bor bezuehlt mat dem Benzin fir d'Hochzeitsrês mat escü engem Auto muss et dach eppes aus der Hochzeit gin-an d'Assurance an d'Steieren si fir e ganz Joer bezuehlt-et wärt jo virdrun nèischt gesché'en-da wiren dé Suen all verluer-oh wât get dât èng Surprise-dén sché'nen Auto mat dénen villen Pêrd, (of)

1.J.    Dén ârme Bräitchemann

Micro    Hallo, mir rufen d'Milli Tuist op der Rês vu Clerf erâf op Letzebûrg bei sèng Groussi-si soll an de Schalter No 1 goen an och de d'Commisioün glèich bezuelen (Zwémol soen)

1.M.    Ass dât dé' Tuist vum neien Auto?

2.M.    Nên-hei stêt et an der Zeitung-si huet Geld geholl kritt!

Mi    (könnt zur möttels Dîr eran) Bonjour!(kukt ronderömmer a sötzt sech mam Koffer un de ronnen Dösch an der Mött a fét 2.D. rechts) Pardon, Madame-hut dir nach Kèng Grupp Médercher heibanne gesin soü virun èngem halver Stonn?

2.D.    Ech bekömmere mech net öm âner Leit,a Médercher sollen ele schon am Bett leien(kukt op d'Auer) bâl ning Auer!

Mi.    Aussergewéhnlech Omstänn erfuerdern aussergewehnlech...

3.d.    A kèngem Fall ging ech zoülôssen jongt Gefligels zu deser Zeit rêsen ze lôsen

Mi    (zum Sall fir sech) Dé' Damm zur rechter Sèit ass asozial: I. 1)wöllt si kê Kontakt mat hire Néwemönschen-verlaut kritisch agestallt-urtelt ze schnell 2) de Mond verbattert no önnen gezun hir égé Schold-villèicht duerfir verbattert.Dé âner Person? huet hir Familjer bestömmt nach all heienên-kèng Wittfra-(zur 3.D.) Madame, Gêt êr Joffer nach an d'Schoül?

3.D.    An d'Schoül?-op d'Uni gêt se-Pädagogick lé'eren-fir d'Jugend ze retten.

Mi    (fir sech) Bicher studé'eren-jo-cshwärz op wèiss-dreche Pabeier-Hêrz bräuche mir derbei-vill Hêrz an net alauter Dréckerschwärz!

Lé'h+Prof(könnt aus der Dîr lénks opgerégt,iwerdems könnt de Prof. durch Möttelدîr eran a gêt sech bei d'Milli Tuist sötzen a flüstert him an d'ouer)

L'éh.    Onbegreiflech!Knaps an der Stâdt göt êscho belästegt-onschölleg beschöölegt-verdächtegt-bloüs well ên d'Ongléck huet èngem Mönsch ze glèichen (si gétdurch d'Mötteldîr fort-iwerdéms sét d'Mili)

Mi Dât gêt iwerall am Liewen-och an d. Schoülen!Mâ soll dât villeich net mat eisem Fall ze din hun-huet ênt gebabbelt

Prof Soülang et Mönschen gêt-mönschelt et!-Milli

1.J. (huet èng Zeitung geholl)Oh gin et och Frâleit dé' d'Kleptomanie hun-hei stêt et an der Zeitung!dat ass eigentlech wé' soll ech dât soen...

Milli Kleptomanie gehé'ert och zu ...

Prof méngem Fach

1.Scène

Micro: Hallo,Hallo den Express fir Parèis an 2 Minuten-den Zug fir Pé'tong ass fort-den Autobus fir Saarbrécken huet 1o Minuten Verspédung-den Zug fir Tré'er a 15 Minuten-

1.J. Ah jo, ech muss mer nach 15 Bullen vun Tré'er mathbréngen-do sin se vill mé' bölleg-ech wöll dest Joer eise künstleche Kröschtbêmchen besonnesch sché'n machen-wé' dât sech bei ènger Cocktailpartie gehé'ert-mê elo dât Wûrt...

Mi Kleptomanie?-!

Prof Joffer-önnert dém Wûrt begrèiftén èng Krankheit dé' net als Stiehlen gestrôft get-dir musst wössen, mèi Papp ass Rîchter-a wa méng Mamm a sei Portefeuille lûsse gêt-wann hien sein Tömpchen hällt-e möcht dât ömmer-dann ass möng Mamm zefridden-si ass dât esoü gewinnt-ech mèngen èng Gewunnecht-dann ass si och roüheg-bei ânere Leit ging dât jo net goen.Ech hu schon oft bei mèngen Fröndinnen probé'ert-a si hun emol nèischt anuecht geholl-nömmeen am Spâss!

Mi Aus Spâss gêt Escht, a geholl ass virun allem gestuehl virum Gesetz!

Prof Mèi Papp ass Rîchter-an dé wês am beschten Beschêd

Mi Bei dénger Mamm jo-mê bei friemo Leiden ass et schwé'er ze soen-Dé' eng hâlen et èng Zeit a gin et eröm-mê dé' richtigDé'w-dé klauen mat déer Absicht-ze stiehlen-a nèischt mê eröm ze gin esoü wé et-elo hât ech mech bâl verschwât-woü sin eis Détektiven iwerhapt?

Prof Kèng Angscht-dé' sin op hîrem Posten-du awer net!

Mi Hei hin muss et kommen-wo Aas ist sammeln sich die Geier-fir och hei ze stiehlen!Dohannen beim Kiosk hun ech d'Framönsch aus den Aen verluer.

MTo (quötscht sech mat der groüsser Posch dûrch d'Dîr eran, si huet nach verschidde klèng Päck) Jérémikanner!d'Stâdt-Mönschen-Dé'w-Guder a Schlechter-vir stêt ên mat Billet vun der Lotterie an hannendrun iech stibitz ên iech de Portemonnie-d'Liewen-d'Groüssstâdt!Dât ên emol èng Kéer sötzt(um ronnen Dösch) Wa mèin Mann, mèi gude Mann nach ging liewen da ké'nt én rêsen, ech méngen da ging ech e mathuelen-d'Gepäck ass êmol ze schwé'er-Milli an den Dé'w hut..(Milli lét de Fanger op de Mond)

Prof d'Fiedem lâfen so lues zesummen..

Mi Mê et sin nach vill Kniet dran.

Ti (könnt mat der Modi am Konny eran) Hei, mir bréngen eppes z'iesen

Mi Net schlecht-mir musse stârk sin.

Prof Wén huet ich dât ugestallt?

Ko Nu roüheg mir ware virwötzeg, wé' et hei soll ausgesin. Am Hôtel ass den Dé'w

Mo Mir hun och gefârt-et wir iech eppes geschitt!

Mi Wivill sin der nach op der Parèiserplätz?

Ti Mir hun der nach 6 derbei öm de Quartier opgestalt-et ass onmé' glech aus eisen Zângen eräuszekommen-glèich musse mir d'Suen hun soss gèt et eis alleguer ze spé't, mir können eis Elteren net belé'en (drei of, Milli an Profi gi mat)

J.Tric. (könnt eran) Elo ass d'Kelrettchen an der Rei, ower d'Klêdchen ass net gut gewiescht-et ass e Médchen an da muss et jo rosa sin.

MTo — Ma nên,hei Joffer Tricot-blo,blo fir e Bouw a rosa fir en-jo-wât ass eigentlech-e Médchen-dann ass et selbstverständlech blo-rosa stêt de Mânsleit besser, gelt Joffer Tricot!

J.Tri — Ech sin nach net bestued-nach net mê well dir et sôt. Wann ên e Mann huet da muss en eröm opzé'en, an nei stréck:n-nujé, bis op Clerf hun ech den Ufank fèrdeg.

Micro — Fir Ettelbreck-Dikrech-Woltz-Gouvy--Pé'teng-rodange-Athem-Dé'ffer deng d'Billéen huelen-l. Schalter rechts-Möns berêt hâlen.Neischt leie lôssen-klèng Kanner mat der Hand huelen

Mto — Wé' sin esoü besuergt um Prönz-d'Billéen wärten mé'h deier gin

1.D. — Pardon!Net um Prönz, einfach um Chemin de Fer wann ech gelîwt! Prönz jo;dât war fré'er-oh dé' sché'n Zeit-um Prönz do wâre mir considéré'ert! Haut könnt jidferên op d'Eisebunn-Mat eise Coupoen kritt ê kêng Plâtz!Fré'er war et schwé'er op de Prönz ze kommen a lîcht erâf-haut lêft alles mat èngem Villchen dorömmer.

MTo — Dât ass lauter Nèid Madame-sit net esoü hart!Mèi Mann war e Schmelzenarbechter en dén huet ömmer gesôt si wären d'Mölechké'h si missten schaffen fir den Defizit vum Prönz an Eisenbunn a Tram

[illegible] — a Stâdt.

Pol — (könnt eran) Carte d'identité Wann ech geliwt?

MTo — An och fir de do berappe mer

Pol — Wât mèngt der Madame?

MTo — Ech méngen eis Mölechké'h.

Astm. — (könnt nervös-virsichteg an d'Salle d'Attente-huet en donkle Bröll op; geseit Police-a gêt an d'Telefonskabine)

Chap — (könnt eran gesèit d'Joffer Tricot an M. Tono a gêt bei se.M.Chap huet en âneren Hitvhen op)Oh, gesi mir eis hei eröm(sötzt sech-Dêt de Schung aus)Nên esoü eppes ze erliwen, M;Tono,Joffer Tric. stellt iech vîr-hällt jo net an der Neier Avenue op Ménger Sèit en wonnerbaren Auto stall-èng Damm oder Joffer wénkt-klömmt eräus kukt ewé' vergéschtert op mèin Hut-ê Gröff-a schen hât si mèin Hut-dir wösst jo mèi neie Modell...

Mi — (könnt iwerdems eran-setzt sech un de ronnen Dösch)

Chap — ander Hand a sôt:Mille fois pardon-quelle merveille-wât kascht sech di Hut? ech muss en hun-tous prix-tous prix-oh ma chère-pitié-git mech di Hut! A si schreiwt e Schèk_e Schèk-ech krut e Schrèk-e Schèk vun 5000 Frang-dén huet si mir zr/ck gelôss-elo bräuch ech net bis op Pé'teng ze fueren-esou töneschttiewescht sin di Dammen ôwer net-obschon-ech muss soen-fir e Modell

Mi — Ech hätt lé'wer Madame Chaperelle-si haätt iech Suen dogelôss amplâtz de Schéck - a wann et elo e falsche Schéck ass

Chap — Et ass och e falsche Modell-mê et ass alles esoü sé'er gâng-mê wat machen ech elo

Mi — Beroühegt iech M: Chaperelle-dir hut êrt Gewössen frèi-ech hätt êrem Gesîcht dé Modell net zoügetraut-nu jé-besser den Hut ewé' den Kapp verlé'eren.

Pol. — (könnt aus dem Bureau lénks eräus-kukt d'Milli)Soü spé't nach op der Rês, Joffer? Woühin gét et dann-Pabeieren?

Mi — Elo-ech wârden op mèng Groüssi hei aus der Stâdt-si könnt mech sichen

Pol — Soü um wivill Auer? et ass schon spé't.

Mi — om halwer zing

Pol — Gut!wann net, kommt det an de Bureau an da fé'ere mir iech do-hinnen-an nét eléng eléng zu Foüss goen - verstânen!(fôrt z. Mötteldîr)

Mi — Jo-jojojo! oh Mamm-dé Angscht-den Autostop-d'Geld-Milli Tuist elo hâl dech rîcht

MTo — Milli-Angscht-oho-a virwât sin ech dann hei-als Wittfrâ göt ê geléert net ze fêrten(gesticulé'ert mam Präbli hin an hier, d'Dîr vun der Telefonskabine gêt an dém Moment op-sté'sst widert M. Tono) Hûh , elo sin ech erfé'ert.(Ast könnt eräus)

Ast. (gêt sech lénks an den Eck sötzen a kukt an ènger Illustré'ert)

Chap (kukt sech derbâns an de Spigel a fréckelt um neien Hitchen) Milli- an der Stâdt sin sché'n Geschäfter-a Käpp hun se am Butek stoen- Käpp ech kén't an èngem St/ck Hitterchen mâchen

Mi An ech an èngem Stéck Gesîchter schneiden-wann dât nömmen gut aus gêt! Elo sin et nach 15 Minuten da muss den Dé'w gestallt sin oder ech muss bei d'Polizei-an dann ass mèi ganze Plang futsch-m/ng ârem Groüssi-wât soll ech mâchen

(Titi-Prof.-Modi-Konry-Gaby kommen eran-sötzen sech öm de ronnen Dösch. Ast. kukt ê Moment a verstoppt sech hannert èng Zeitung)

Ti Milli-ech wês net-entwutscht ass d'Framönsch-alles ömsoss a mir mussen hêm..

Ko Mir hätten der Polizei éwer..

Mo Hätten an Hâten..

Gaby hei sin d'Suen dé rescht bleiwen-méng Eltren hâte gesôt... (et lét èng ronn duche Posch op den Dösch) ech misst onbedingt öm halwer zing dohém sin- an t'ass fir d'éischt woü ech haut escülang konnt bleiwen

Pol Ass dann/ de ganze Quartier de la Gare haut net an d'Bett ze kré'en?

MTo Soülang ech hei sin geschitt nèischt!

M;Tric (iwerdéms eran) Jo-kann nèischt gesché'hen.

Pol (zu den Méddercher)Mar gin ech bei all êr Elteren froen-a Gâr êrer wann eppes net klappt-(zur Ast am Eck) Er Pabeieren. Wann ech geliwt?

Ast (stêt hurteg op-dré'hnt de Méddercher de Réck-weisst hîr Kârt; d'Méddercher an d'Dammen kuken hallew dohinnen-d'Milli nach emol schwätzen dann eröm zesummen)

Tric Also blo fir dé mokleche Bé'wchen-dé Fârw stêt séngen schwarzen Hoer esoü gut

MTo. Ma nên-rosa-de Béwchen ass falsch et ass dach e Médchen an dann ass et blo!

Tric Ech sin awer soü froh mat de Boüwen(fänkt un mat rosa Woll ze strécken)Et ass esoü èng lé'w Pöpchen-ewé' gedré'hnt

Ast (gêt op den Telefon-verléert sichtbar e Geldschèin-d'Milli hiéwt en op-wöllt der Ast. e gin -dé ass schon an der Cabine verschwenn

Mi (kukt d'Geld-lét et op den Dösch-höllt et sé'er eröm a kukt me'h genê;iwerdéms könnt Ast. röm zreck op hir Plâtz)Joffer dir hut dât hei bei Zeien zoü verluer virum Telefon-

Ast (nervös) Ah-merci!Oh dât erönnert mech un eppes-ech muss nach èng ké'er telefoné'eren-wat Gedanken(gêt an d'Kabine)

Mi Kanner elo gêt et op Liewen an Doüt-den Dé'w huet sech ânescht geklêt-den Dé'w ass a ménger Hand-an eiser Hand-macht lues-Madame Tono-stellt iech onopfälleg bei d'Dîr-dir âner verhâlt iech hoergenê no méngen Direcctîwen-an d'Zeit vu 5 Minuten hu mer d'Geld an den Dé'w

All An Zeit vu 5 Minuten?

Mi Joffer Tricot-stellt iech mat der M. Chaperelle bei de Kléderstänner-Titi-Konry-Mody a Gaby op bé'd Sèiten vun der Telefonsdîr dîr drèi kukt iech an de Spigel-mir drèi hiéwen eis lues op-Wann d'Telefonsdîr op gêt-a mir kommen alleguer- onopfälleg am Eck zesummen-do-an dém Eck(wèisst an dé lénken Eck)

Pol (könnt eran-stéisst der Tono d'Dîr op d'Nues)Pardon Madame! (gêt virun an den Policebüro)

Mi Nach ênt, mir mussen d'Geld kré'en virun der Polizei-da Kré'e mir bestömmt èng Beloühnung-den Dé'w könne si hâlen-Psssst!

Ast (könnt aus der Kabine eräus-macht d'Dîr zoü a gêt sech an de lénken Eck sötzen-hannert Zeitung verstoppt)

Mi (Alles op der Bühn göt vum Milli am Halwekrês-lues a lues op den Eck zoü-gestèiert) D'Geld eräus!

Ast Sprèngt erfé'ert op